

Bisons futés

fnel scouts & guides

# DE BISON

# 1.TRIMESTER

# 2024/2025

# E klengt Wuert vun der Redaktioun

NEWSLETTER

**Wëllkomm am neie Scoutsjoer**. An dësem Trimester erwaarden iech flott Versammlungen, vill Aventuren an eng cool Chrëschtveillée. An dëser Editioun vum Bison fannt dir all néideg Informatioune fir dat 1. Trimester 2024-2025.
Mir freeën eis op eng schéin Zäit a flott Momenter mat iech zesummen!

## INSTAGRAM

Zanter enger Zäitchen fannt dir eis net just op **Facebook** oder op **bisons.lu**, mee och elo op **Instagram**! Hei si mir ganz up-to-date mat Recaps an Erënnerungen un eis Aktivitéiten.
Gidd emol laanscht virwatzen an abonnéiert eis Säit! Sou verpasst dir keng vun de News oder Updates aus dem Grupp.

Hei kommt dir op eis Instagramsäit

BISONS.FUTES

# Eis Cheffen

## EIS WËLLEFCHERSCHEFFEN


Kotick (Sarah), CM


Raschka (Inês)


Akela (Selena)


Stella


Baloo (Pol)





Tha (Aurélie), CM


Mysa (Noémie)


Rikki-Tikki-Tavi (Lenny)


Messua (Julie)

# Eis Cheffen

## EIS SCOUTSCHEFFEN


Michel, CT


Kelly


Lenny


Denis


Thibaut


Noémie


Olivier


Anika



# Eis Cheffen

## Eis Explorerresponsabel



Alex, RUE



Richard

## Eise Roverresponsabelen



Benny, CR



Jonna, CG



Frédéric,

## Eis Gruppecheffen

# Gruppenews

## EISEN IWWERGANGSHOME

Leider gouf eisen alen Home zu Fréiseng ofgerappt. Dofir krute mir vun eiser Gemeng ee flotten Ersatzhome zur Verfügung gestallt. D'Adress vun dësem Home ass **6, Munnerëferstrooss L-5750 Fréiseng.**

WICHTEG: Beim Home ass kee Parking. Vue dass den Home bei der Haaptstrooss läit, biede mir Iech bei der Gemeng oder dem Waassertuerm ze parken an ze Fouss bei den Home ze kommen.

## NOWUESS - BISONSFAMILL


**Et gëtt Nowuess bei de Bisons!**

Eis Bisonsfamill gëtt direkt duerch zwee nei Bisons méi grouss: Mir heeschen den Ares häerzlech wëllkomm a wënschen him a sengen Elteren, dem Richard an dem Manuela, alles Guddes!

Och d'Alice heesche mir häerzlech wëllkomm a wënschen him a sengen Elteren, dem Sharif an dem Jil, alles Guddes!



# Grupp allgemeng



## WEI KOMMEN ECH AN D'VERSAMMLUNG?

- Dem Wieder ugepasste Kleedung, déi därf knaschteg ginn
- Fest Schong
- E Bidon mat Waasser
- 5 Saache vum Wëllefchen/ Scoutsbichelchen
- De Foulard net vergiessen!

## D'VERSAMMLUNGEN



Eis Réunioune si Samschdes:

- Fir d'Wëllef an d'Scouten vu 16.00 bis 18.00 Auer
- Fir d'Explorer vun 18.00 bis 20.00 Auer

## ADRESSEN

**Eisen Iwwergangshome:**
6, Munneréferstrooss
L-5750 Frisange



**De FNELshome um Cents:**
61 A, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

# FNEL News an Infos

## DE SCOUTSSHOP

Alles wat der braucht, fannt dir am **Scoutsshop** vun der FNEL:
De FNEL Scoutsshop ass rem all **Donneschden vun 17h00 bis 19h00** op, ausser an de Schoulvakanzen.

**Address**:

**FNEL Scouten**
**61 A, rue de Trèves**
**L-2630 Luxembourg**




Hei de Link fir den **Onlineshop** vun der FNEL. Et lount sech eng Kéier luussen ze goen:
https://shop.fnel.lu

## WICHTEG NUMMEREN

**FNEL**: +352 26 480 450
**Jonna (CG)**: +352 621 392 662
**Frédéric**: +352 621 728 951

# Save the date




## MONTÉE

Wéi dat an de Scouten üblech ass, ännert ee mat de Joren och d'Branchen. D'Montée* fënnt dëst Joer am éischte Weekend am Oktober statt:

- **fir d'Wëllefcher déi an d'Scoute ginn vum 05.- 06.10.2024**
- **fir d'Scouten déi an d'Explorer ginn vum 04.- 05.10.2024**

## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE

Wéi immer fënnt och dëst Joer eng Assemblée Générale statt, wou d'Bisons lech e leckere Menu zaubere wäerten.*

Haalt lech den **30.11.2024** schonn am Kalenner fest.

## CHRËSCHTVEILLÉE

Och dëst Joer erwaart lech erëm eng flott Chrëschtveillée.* Kommt bis laanscht a verbréngt ee gemittlechen Owend mat eis!

Markéiert lech dofir den **20.12.2024** schonn am Kalenner.

Mir freeën eis op lech!



*Méi genau Informatioune kommen nach no.

# Fotoréckbléck - Gruppecamp















# Wëllefchersprogramm

**LU**: LU: Léif Wëllef, léif Elteren,

No enger hoffentlech erhuelsamer Summervakanz, erwaarden iech am neie Scoutsjoer e flotte Programm mat spannenden Abenteuer.
Du bass motivéiert, deng Scoutskenntnisseer dengen Frënn ze weisen? Dann freeë mir eis drop, dech an onsem Ruddel wëllkomm ze heeschen!

Eis Versammlunge si wéi gewinnt vu 16.00-18.00 Auer zu Fréiseng am Scoutshome.
Fir d'Versammlunge brauchs du

- dem Wieder ugepasste Kleeder, déi och kënne knaschteg ginn
- e Bidon mat Waasser
- dem Wëllefche seng 5 Saachen

Bei wéider Froen kontaktéiert eis per Mail: wellefcher@bisons.lu

Lénks Patt,
Är Cheffen

**FR** : Chers Louveteaux, chers parents,

Après les vacances, qui nous l'espérons ont été reposantes, un programme amusant et riche en aventures vous attend lors de cette année scoute.
Tu es motivé pour montrer tes qualités de scout avec tes amis ? Alors nous nous réjouissons de vous accueillir dans notre meute! Comme d'habitude, les réunions ont lieu de 16h00 à 18h00 à Frisange au chalet des scouts.

Pour les réunions, tu auras besoin

- de vêtements adaptés à la météo !
- d'un bidon
- des cinq affaires du louveteau

Pour toutes questions, contactez-nous via courriel : wellefcher@bisons.lu

Patte gauche,
Vos chefs

# Wëllefchersprogramm

| | |
|---|---|
| 21.09.2024 | Bring a friend* |
| 28.09.2024 | Keng Versammlung - Sortie Beetebuerger Park |
| 05.- 06.10.2024 | Versammlung / Montée* |
| 12.10.2024 | Versammlung |
| 19.10.2024 | Versammlung |
| 26.10.- 02.11.2024 | **Vakanz** |
| 09.11.2024 | Versammlung |
| 16.11.2024 | Assemblée Générale* |
| 23.11.2024 | Versammlung |
| 30.11.2024 | Versammlung |
| 07.12.2024 | Versammlung |
| 14.07.2024 | Versammlung |
| 20.12.2024 | Chrëschtveillée* |
| 27.-29.12.2024 | Chrëschtcamp* |

*Weider Informatioune komme no.

# Fotoréckbléck - LX 2023/24























# Scoutsprogramm

| | |
|---|---|
| 21.09.2024 | Bring a friend* |
| 28.09.2024 | Versammlung |
| 05.- 06.10.2024 | Montée* |
| 12.10.2024 | Versammlung |
| 19.10.2024 | Jota-Joti* |
| 26.10.- 02.11.2024 | **Vakanz** |
| 09.11.2024 | Sortie* |
| 16.11.2024 | Assemblée Générale* |
| 23.11.2024 | Versammlung |
| 30.11.2024 | Versammlung |
| 07.12.2024 | Versammlung |
| 14.07.2024 | Versammlung |
| 20.12.2024 | Chrëschtveillée* |
| 27.-30.12.2024 | Chrëschtcamp* |

*Weider Informatioune komme no.

# Explorerprogramm

| | |
|---|---|
| 21.09.2024 | Bring a friend* |
| 28.09.2024 | Versammlung |
| 04.-05.10.2024 | Montée* |
| 12.10.2024 | Versammlung |
| 19.10.2024 | Jota-Joti* |
| 26.10.- 02.11.2024 | **Vakanz** |
| 09.11.2024 | Versammlung |
| 16.11.2024 | Assemblée Générale* |
| 23.11.2024 | Versammlung |
| 30.11.2024 | Versammlung |
| 07.12.2024 | Versammlung |
| 14.07.2024 | Versammlung |
| 20.12.2024 | Chrëschtveillée* |

*Weider Informatioune komme no.

# Funfacts



Otteren halen hänn wann si schlofe, fir dass si sech iwwer Nuecht net verléieren.




Wéinst engem Taifun misst den Jamboree 2023 a Südkorea evakueiert ginn. Puer Bisons hunn dat souguer materliewt.





Ween ass eigentlech den Otus?
Dee Funfact fannt dir just raus, wann dir iech am Grupp emfrot!

Dem David Bowie säin éischten öffentleche Concert war 1958 op engem Scoutscamp op der Isle of Wight






90% vum weltwäite Reen fällt op eis Mierer. Um Land kréie mir just ee ganz klengen Deel vum Reen of.



# Rätselspaass

Kanns du dëst Rätsel léisen?




---

Wien sinn ech?

- Ech sinn zimmlech kleng a flénk.
- Ech kann immens gutt richen.
- Ech hu schon an e puer Filmer mat gespillt.
- Dir hutt mech am Summer 2024 besser kennegeléiert.
- Mäin Numm hält mat engem "x" op.



Léisungen
1.Rätsel: 31
2.Rätsel: Idefix

# Bis geschwënn!




Är Bisonsredaktioun,
Denis an Aurélie